ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Rapport vun der CCSport 2/2022

(22/01/2022)

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Patrick, Joske, Marcel, Anny, Pit , Joe, Miguel, Mich an Pier	Manou(ofgemellt)

Punkt 1 : Visite des lieux-Hall sportif Brouch(Invités Personaltrainerin-Krav Maga-Badminton)

De Steve Rollinger presentéiert eis déi nei Sportshal. Dofir seet d'CCSport dem Steve an der Gemeng Helperknapp ee grousse MERCI datt dëst méiglech war.

Tania, Personaltrainerin an de Frédéric vum Badminton sinn eiser Invitation nokomm, datt mir zesummen kënnen déi nei Sportshal inspizéieren. Zweck vun dëser Visite ass ënnert anerem, datt mir mat den Coachen kucken, wat an der Hal méiglech ass.

Wat de Badminton ugeet huet de Steve eis erklärt, datt 3 Terrainen extra fir den Badminton virgesinn sinn, respektiv agezeechend sinn.

Et ass duerchaus méiglech, datt zousätzlech Terrainen mat portabelen Netzer opgeriicht kënne gin, wann méi Leit sech fir den Badminton intresséieren.

Déi 2 Multisportsraim géifen sech gudd eegenen fir dem Tania sain Personal Training.

Bei der Viste war de Pele Bausch och présent.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Punkt 2 :Agape-Relais Bausch(Bon offert 50€, Administration communale)

Bei engem gemitterleche Mëttegiessen hun mir eis gewonnen Impressiounen vun der Hal zesummengefasst an schléissen eis Viste mat engem ganz positiven Androck of.

3)Verschiddenes

Zum Schluss wollten mir dem Steve Rollinger nach engkeier villmools merci soen fir seng informativ an kompetent Féierung duerch d'Sportshal.

Eis nächst Versammlung ass fir den 23. Februar 2022 ëm 20 Auer ugesat, dëst an der Koll zu Brouch

mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport